

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

An enger Emissioun vum RTL-Journal vum 24. September 2021 iwver d'Zeremonie vum éischte Spuedestéch vum neien SNCA's Gebai um Fridhaff, huet den Här Minister ausgesot, datt hien dee lo just genannten Organismus an en "Établissement Public" wéilt iwverféieren. D'SNCA, déi och vill sensibel Donnéeë vun de Bierger behandelt, funktionéiert aktuell als öffentlech Entreprise ënnert dem Statut vun enger S.à.R.L.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Transportminister gär dës Froe stellen:

- 1) Op Basis vu wéi engem legalen Text sinn d'SNCA an d'SNCT aktuell konzipéiert an hir Kompetenze gereegelt?
- 2) Ënnert wéi engem Statut gëtt d'Personal vun der SNCA an der SCNT rekrutéiert?
- 3) Op wéi enger legaler Basis ginn d'Donnéeë vun de Clientë vun der SNCA an der SNCT traitéiert? Kënnen dës fir kommerziell Zwecker un Drëtter weidergi ginn?
- 4) Vu wéi engem, öffentleche finanzielle Kontributiounen hunn déi zwou Entreprises an de Joren 2018 bis 2021 jee weils profitéiert? Kann den Här Minister déi jee weileg Zomm souwéi den entsprechende Budgetsartikel nennen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten